N°6325
Reçue le 09.06.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 09.06.2022

CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 9. Juni 2022

Här President,

Esou wéi et am Artikel 80 vum Chambersreglement virgesinn ass, géing ech Iech bieden, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

Laut de rezenten Statistiken vum Mobilitéitsministère gouf et am Joer 2021 21 déidlech Verkéiersaccidenter mat zesummen 24 Doudegen. Bei 7 vun den déidlechen Accidenter war Alkohol am Spill, a 4 Fäll waren et Drogen. An dësem Kontext géing ech gär folgend Froen un den Här Mobilitéitsminister stellen.

- Wéi vill Alkohol- respektiv Drogekontrollen sinn tëschent 2018 an 2021 pro Joer gemaach gin?
  - Weivill Kontrollen waren jeweils positiv?
- Am Géigesaz zu aneren Länner däerf d'Police zu Lëtzebuerg just Kontrolle maachen, wann de Parquet se ordonéiert, respektiv wann d'Behuelen vun de Chaufferen op Alkoholkonsum hindeit. Envisagéiert d'Regierung an dem Punkt eng Ännerung vum Gesetz?
  - Wa jo, géif esou eng Léisung och am Fall vun Drogekonsum gëllen?
- Wéi schätzt d'Regierung de Risiko an, dat et no der geplangter Legaliséierung vu Cannabis zu méi Accidenter kënnt, déi op Drogekonsum zréckzeféieren sinn?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Nancy Arendt, épouse Kemp

Deputéiert

N° 6325
Reçue le 12.07.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, dem Minister fir bannenzeg Sécherheet an der Justizministesch op d'parlamentaresch Fro n° 6325 vum 9. Juni 2022 vun der Madamm Deputéiert Nancy Arendt.**

Den hei opgeféierten Tableau lëscht d'Zuel vun den Alkoholskontrollen an d'Unzuel vun de positiv kontrolléierte Chaufferen aus de Joren 2018 – 2021 op, mee ausschliisslech déi déi vum Parquet ordonnéiert goufen. Datebanke vun der Police erméiglechen net, mat enger automatiséierter Recherche rauszefannen, wéi vill zousätzlech Alkoholskontrollen am Kader vu normale Verkéierskontrollen (bei manifesten Unzeechen déi op Alkoholkonsum hindeiten) oder bei Verkéiersaccidenter mat Verletzen duerchgefouert goufen.

Dat selwecht gëllt och fir Drogekontrollen, woubäi dobäi kënnt, dass hei net systematesch kontrolléiert gëtt, mee ausschliisslech bei manifesten Unzeechen déi op de Konsum vun illegale Substanzen hindeiten, respektiv bei Verkéiersaccidenter mat Verletzen.

Déi niddereg Zuele vun de Joren 2020 an 2021 am Verglach mat de Jore virdru sinn duerch d'Covid19-Pandemie bedéngt.

| Joer | Kontrollen | Positiv getesten Chauffeuren |
|---|---|---|
| 2018 | 184 | 790 |
| 2019 | 243 | 738 |
| 2020 | 103 | 246 |
| 2021 | 77 | 231 |

Wat d'Kontrollen ugeet, esou huet d'Regierung den 30. Mäerz vun dësem Joer e Projet de loi op den Instanzewee geschéckt (PL no7985) dee virgesäit, genee wéi dat bei der Vitesse an dem Alkohol haut och schon de Fall ass, datt wann een ënner d'Drogen- oder Medikamentenafloss gefuer ass, dat een direkt op der Plaz de Führerschäi kann ofgeholl kréien (retrait immédiat).

Wat d'Gefor vun der Legaliséierung vum Cannabis fir d'Stroossesécherheet ugeet, esou ass net dovunner aus ze goen, datt et zu groussen Impakter wäert kommen. D'Fueren ënner Drogenafloss bleift, genee wéi haut och, verbueden. Eng Ännerung vum Code de la Route ass also an dem Kontext am Moment net virgesinn.

Lëtzebuerg, den 12. Juli 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch